piraten.lu

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3984 huet de Finanzminister preziséiert, datt de Gewënn beim Verkaf vun enger Immobilië un de Staat, eng Gemeng oder aner ëffentlech Acteuren nëmmen ënner bestëmmte Konditioune ganz steierbefreit ass.

De Minister erklärt, dass dës Steierbefreiung gëllt, wann d'Immobilië zum steierleche Privatverméige gehéiert huet an d'Transaktioun **net** op d'Ausübe vun engem gesetzleche Virkafsrecht zeréckgeet. Aanechters gedréint: wann de Staat op säi Virkafsrecht zeréckgräift, da kritt de Verkeefer keng Steierbefreiung.

Dorauser schléisst een, dass ee Verkeefer, deem seng Immobilie vun enger ëffentlecher Instanz opkaaft gëtt, steierlech aneschters behandelt gëtt, wéi een, wou de Staat säi Virkafsrecht net zitt.

Et gëtt eng Ënnerscheedung gemaach, jee nodeem ob et sech ëm en direkte Verkaf un de Staat oder ëm eng Transaktioun am Kader vun engem gesetzleche Virkafsrecht handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat ass déi steierlech a politesch Begrënnung dofir, datt d'Steierbefreiung net applicabel ass, wann eng ëffentlech Instanz hiert gesetzlecht Virkafsrecht ausüübt?

2. Ass d'Regierung der Meenung, datt dës Differenzéierung tëschent engem direkte Verkaf an engem Verkaf am Kader vum Virkafsrecht gerechtfäerdegt ass, wann d'Immobilië schlussendlech a béide Fäll un d'ëffentlech Hand iwwergeet?

3. Gesäit d’Regierung an, dass dës Reegelung Proprietären am Fall vum Virkafsrecht finanziell benodeelegt?

4. Wäert d’Regierung Ännerungen un dëser Reegelung virhuelen, fir d'Steierbefreiung gesetzlech och op Fäll auszebauen, an deenen de Staat, eng Gemeng, e Gemengesyndikat oder aner ëffentlech Acteuren hiert gesetzlecht Virkafsrecht ausüben?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten